N°106
Entrée le 14.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Digitalisatioun & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Vill Banken hunn d'Unzuel un Agencen an de leschte Joren reduzéiert a promouvéieren éischter digital Léisunge fir déi finanztechnesch Operatiounen oder setzen op mobil Guicheten, déi fir e puer Stonnen ee Mol d'Woch op enger bestëmmter Platz optauchen. Dësen Trend gëtt ënnerstëtzt duerch eng europäesch Direktiv (Directive européenne sur les services de paiement, DSP2), déi d'Banken zu Lëtzebuerg, dorënner och déi mat ëffentlecher Participatioun, dozou zwéngt vu physesche Léisungen, wéi zum Beispill dem Lëtzebuerger Modell vum LuxTrust Token, op digital Léisungen ze wiesselen, wéi zum Beispill der LuxTrust Mobile App. Dës Entwécklunge suergen dofir, dass alldeeglech Operatioune fir technesch manner affin Leit ëmmer méi schwéier ze realiséiere sinn. Persounen ouni Smartphone ginn esou zum Beispill bei LuxTrust op aner Solutiounen higewisen, déi awer net wierklech manner technesch Expertise viraussetzen (LuxTrust Scan, eID,...). Vill Leit maachen sech Suergen, wéi se an Zukunft ouni Token nach hier Bankenoperatioune realiséiere kennen a fillen sech am Stach gelooss.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech déi nei Regierung an dëser Problematik?
2. Wéi eng Mesure si geplangt, fir den technesch manner affine Leit reell Hëllefsstellungen an Alternativen ze bidden?
3. Wäerten dei staatlech Repräsentanten am Conseil d'Administration vun der Spuerkees sech dofir asetzen, dass den Online Banking och fir Persounen accessibel bléift, deenen digital Outilen éischter friem sinn an dofir méi Hëllefstellungen an deem Beräich brauchen?
4. Wéi garantéiert déi nei Regierung, dass den Accès op MyGuichet.lu och fir Persounen accessibel bléift, deenen digital Outilen éischter friem sinn an dofir méi Hëllefsstellungen an deem Beräich brauchen?
5. Wéi eng technesch Léisung recommandéiert d'Regierung an deem Kontext fir de LuxTrust Token ze ersetzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten